Le caractère urgent de la question a été reconnu (29.01.2021)

n° 3529

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

REÇU
Par Alff Christian , 15:35, 28/01/2021

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

Laut enger Recommandatioun vun der däitscher Impfcommissioun soll den Astra-Zeneca Covid-Vaccin nëmme fir Leit ënner 65 Joer gëeegent sinn.

D'Madamm Minister hat eis rezent matgedeelt datt Lëtzebuerg och wäert 415.048 Dose vun Astra-Zeneca geliwwert kréien, den Zäitpunkt vun der Liwwerung war dee Moment awer nach net bekannt.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Ass d'Regierung driwwer informéiert datt de Vaccin vun Astra-Zeneca net soll u Patienten iwwer 65 Joer gesprëtzt ginn ?
2. Wa jo, huet d'Regierung dës Informatiounen och aus der Presse oder ass si vum Produzent selwer informéiert ginn ?
3. Ass mëttlerweil gewosst wéini Astra-Zeneca de Grand-Duché beliwwert ?
4. Huet dës nei Informatioun en Afloss op d'Impfstrategie, wëssend datt virgesinn ass eeler a vulnerabel Leit prioritär ze impfen ?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

Jean-Marie Halsdorf
Deputéierten

Claude Wiseler
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 12:30, 29/01/2021

Luxembourg, le 29 janvier 2021

**Réf. :** 836x5c180

**Concerne**: Question parlementaire urgente n° 3529 du 28 janvier 2021 de Madame la Députée Martine Hansen, Monsieur le Député Jean-Marie Halsdorf et Monsieur le Député Claude Wiseler

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire urgente n° 3529 du 28 janvier 2021 de Madame la Députée Martine Hansen, Monsieur le Député Jean-Marie Halsdorf et Monsieur le Député Claude Wiseler concernant le « Vaccin contre la Covid-19 ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette Lenert
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n° 3529 du 28 janvier 2021 de Madame la Députée Martine Hansen, Monsieur le Député Jean-Marie Halsdorf et Monsieur le Député Claude Wiseler concernant le « Vaccin contre la Covid-19 ».**

D'Regierung huet Kenntnis dovun, dass déi däitsch Impfkommissioun (STIKO) den Asatz vun AstraZeneca just fir Leit recommandéiert, déi manner wéi 65 Joer al sinn. Dës Informatioun gouf duerch d'Medien an d'Presse relayéiert.

Haut am Laf vum Dag wäert d'europäesch Medikamentenagence EMA hiren Avis ofginn, vun der et ofhänkt, ob den Impfstoff vun AstraZeneca op dem europäesche Maart zougelooss gëtt. An deem Avis wäert d'EMA och op eventuell feelend Donnéeën oder soss Elementer hiweisen, déi den Asatz vun deem Impfstoff wäerte bestëmmen. Vun dem Avis vun der EMA hänkt dann och of, wéini Lëtzebuerg vun AstraZeneca beliwwert wäert ginn.

D'Regierung waart den Avis vun der EMA of, iert Décisioune geholl ginn zum Asatz vun dem AstraZeneca Impfstoff an eventuell Konsequenzen op den Oflaf vun der Impfcampagne. Op Basis vun der Décisioun vun der EMA, gëtt dann, um nationale Plang, den Avis vum Conseil supérieur des maladies infectieuses ugefrot.